



## Sommaire

1. Composition de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État (SREL)
  - M. le Président
2. Communications
  - M. le Président
3. Ordre du jour
  - M. le Président
4. 6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013
  - Rapport de la Commission des Finances et du Budget: M. Lucien Lux
5. Ordre du jour (suite)
  - M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; Mmes Marie-Josée Jacobs, Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, Mars Di Bartolomeo, Claude Wiseler, Mme Octavie Modert, MM. Marco Schank et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Mme Marie-Josée Jacobs,** *Ministre de la Famille et de l'Intégration.*- Neen, Här President.

## 1. Composition de la Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État (SREL)

► **M. le Président.**- D'Chamber huet an enger Resolutioun festgehalen, fir eng Enquêtekommissioun ze konstituieren, déi den Numm Commission d'enquête sur le Service de Renseignement de l'État (SREL) droe soll.

Wat hir Zesummesetzung ubelaangt, si folgend Virschléi agaangen: fir d'CSV-Fraktioun d'Madame Christine Doerner an déi Häre Paul-Henri Meyers, Gilles Roth, Marc Spautz a Lucien Weiler; fir d'LSAP-Fraktioun déi Häre Lucien Lux, Alex Bodry a Ben Fayot; fir d'DP-Fraktioun déi Häre Claude Meisch a Xavier Bettel; fir d'Fraktioun vun deene Gréngen den Här François Bausch; fir d'Sensibilité politique ADR den Här Gast Gibéryen a fir d'Sensibilité politique déi Lénk den Här Serge Urbany.

Ass d'Chamber mat der Bezeichnung a mat der Zesummesetzung vun dëser Enquêtekommissioun averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

## 2. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) Fir d'Éischt ass d'Lëscht vun deenen neie parlamentareschen Ufroen a vun den Äntwerten um Bureau déposéiert.

2) Da goufe folgend Projeten an der Administration parlementaire déposéiert: de 5. Dezember vum Logementsminister de Projet de loi 6510 iwwert d'Schafe vun enger Société Nationale de Développement Urbain S.A. an engem Fonds du Logement S.A. nationale; deeselwechten Dag vum Innenminister de Projet de loi 6511 iwwert dem Stat säi Finanzement vun der Kläranlag Esch/Schëffleng an de Projet de loi 6512 iwwert dem Stat säi Finanzement vun der Waasserentsuergung an de Gemenge vum Atert-Dall; a schliesslech de 7. Dezember vum Finanzminister de Projet de loi 6513, eng Direktiv iwwert d'Vente à découvert et certains aspects des contrats d'échange sur risque de crédit.

3) De 6. Dezember 2012 ass d'Petitioun N°323 fir d'Notze vum Cannabis fir medezinesch Zwecker vun der Lëtzebuergescher Sektoun vun der Union francophone pour les cannabinoïdes en médecine eragereecht ginn.

*Communications du Président - séance publique du 11 décembre 2012*

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

**6510** - *Projet de loi portant 1) autorisation de constitution de la Société Nationale de Développement Urbain S.A. et de la société anonyme Fonds du Logement S.A. Nationale, 2) modification de certaines dispositions de la loi modifiée du 25 février 1979 et 3) modification de la loi du 22 octobre 2008 portant promotion de l'habitat et création d'un pacte logement avec les communes*

Dépôt: M. Marco Schank, Ministre du Logement, le 05.12.2012

**6511** - *Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux d'agrandissement et de modernisation de la station d'épuration d'Esch/Schifflange par dépassement du montant fixé par la loi du 20 décembre 1999 autorisant l'État à participer au financement des travaux d'agrandissement et de modernisation de ladite station d'épuration*

Dépôt: M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région, le 05.12.2012

**6512** - *Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au dépassement des financements de la 1<sup>re</sup> phase des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes du bassin supérieur de la Vallée de l'Attert, ainsi qu'au financement des phases 2 et 3*

Dépôt: M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et à la Grande Région, le 05.12.2012

**6513** - *Projet de loi relative à la vente à découvert d'instruments financiers, mettant en œuvre le règlement (UE) n°236/2012 du Parlement européen et du Conseil du 14 mars 2012 sur la vente à découvert et certains aspects des contrats d'échange sur risque de crédit*

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 07.12.2012

3) La pétition n°323 pour l'utilisation du cannabis à des fins médicales a été introduite le 6 décembre 2012 par l'Union francophone pour les cannabinoïdes en médecine (UFCM) - section Luxembourg.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 3. Ordre du jour

An hirer Réunioun vum 6. Dezember huet d'Präsidentekonferenz fir dës Woch folgenden Ordre du jour virgeschloen:

Haut de Mëtteg hu mer d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2013.

Muer de Moien um néng Auer hu mer d'Presentatioun vum Rapport iwwert de Projet de loi 6497 iwwert déi fiskal Mesuren, dann den Exposé vum Finanzminister iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2013.

Muer de Mëtteg um zwou Auer hu mer de Projet de loi 6021 iwwert d'Iwwerverscheldung, nom Modell 1; zweetens de Projet de loi 6466, e Partenariatsaccord tëschent der EU a verschiddene Länner aus Afrika, der Karibik an dem Pazifik, nom Modell 1; an dann d'Question élargie N°28 vum Här Eugène Berger iwwert d'Statutenännerung bei engem Prestataire aus dem konventionéierte socio-éducative Bereich.

En Donneschdeg de Moien um néng Auer hu mer d'Diskussioun vum Projet de loi 6497 zesumme mat de Budgetsdebatten nom Modell 7.

A mëttes um zwou Auer hu mer den Ofschloss vun der Diskussioun vum Projet de loi 6497 a vun de Budgetsdebatte mat uschlëssendem Vote iwwert déi zwee Projeten.

Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Rapport vun der Finanzkommissioun iwwert de Projet de loi vum Statsbudget fir d'Joer 2013, an dat esou, wéi et am Artikel 109 vum Chambersreglement festgehalen ass.

Ech wollt lech drop hiweisen, datt dëse Rapport an d'Gebärdesprooch iwwersat gëtt, a wollt de Rapporteur dowéinst bieden, e bësselche méi lues ze schwätzen.

(Brouhaha général)

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Lux. Här Lux, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 6500 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2013

**Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

► **M. Lucien Lux** (LSAP), *rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, ech wollt um Ufank vun dëser Interventioun virun allem de Memberen aus der Finanzkommissioun Merci soe fir d'Zesummenaarbecht an deene leschte Wochen. Ech wollt dem Finanzminister an all senge Responsabelen an der IGF an de Steierverwaltunge Merci soe fir eng gutt Kollaboratioun, déi mer haten. Ech wollt all deenen, déi sech Zäit geholl hunn an de Chambres professionnelles an doriwwer eraus, fir mer Zäit ze schenken, fir dee Rapport hei ze preparéieren, an ech wollt virun allem an eiser Fraktioun dem Claude Tremont an dem Brigitte Chillon, ganz wäertvoll Mataarbechter a Mataarbechterin, Merci soe fir hir Zesummenaarbecht.

Et war mir eng Eier, fir d'zweete Kéier de Budgetsrapport hei an der Chamber ze maachen. Ech hunn dat ganz gäre gemaach an ech hoffen, Dir kennt mat der Aarbecht, déi ech lech virgeluecht hunn, och eppes ufänken, kuerzfristeg, mä an eenzelne Gebidder sécherlech och fir déi nächst Joren.

Déi wichtegst Fro, déi Der sécherlech de Mëtteg vu mir gäre beäntwert hätt, ass déi: Wéi geet et eisem Land haut?

Ech versichen dorobber an deenen nächste Minutten eng Äntwert ze ginn. Eisem Land geet et insgesamt nach gutt. Mir si bis elo besser duerch d'Kris komm wéi vill aner Länner. Vill Parametere sinn nach positiv. D'Statsverschuldung an öffentlechen Defizit sinn - am Vergläich zu anere Länner - akzeptabel. Mir sinn ee vun deene leschten Eurostaten, déi nach den Triple-A hunn. Mir schafe weider - wann och manner - Aarbechtsplazen, an eis Produktivitéit, wichteg fir eis Kompetitivitéit, ass nach ëmmer gutt.

Awer - en décken Awer - et ass a mengen Aen un der Zäit, d'Ärmel eropze krämpelen, fir dass mer net an de Mëttemooss ofdreien, wa mer weider an der Spëtze grupp, wéi mer dat an deene leschte Jore gewinnt waren, wëlle bleiwen.

Wa mer kucken, ob all déi Parametere, déi sech an de Jore vun der Kris, awer net nëmmen duerch d'Kris, och hei zu Lëtzebuerg verschlechtert hunn: Och zu Lëtzebuerg, net gewinnt fir eis, ass de Wuesstum en panne, huet sech de PIB säit der Kris net erholl, geet de Chômage an d'Luucht op haut iwwer 6%, an hu mer, dat musse mer eis agestoen, e ra-

santen Ustieg vun der Verscheldung ze verzechnen.

Mir mussen also zrëck an e positiven Trend kommen. Dat ass wichteg fir d'Zukunftsfaegkeet vun eisem Land. Dat ass wichteg fir d'Festegung vun engem staarke Sozialstat. Dat ass wichteg, fir handlungsfäeg ze bleiwen a finanziell Spillraim ze behalen, fir och muer an iwwermuer fir déi zukünftige Generatiounen kënne Politiken ze maachen. Dat ass wichteg, fir Impulser fir Wuesstum an e gudde Kader fir eng wettbewerbsfäeg Economie ze schafen.

An - ech hunn et gesot -, dat ass fir mech de Fuedem, roud Fuedem, bloe Fuedem, schwaarze Fuedem, gréng Fuedem, egal wéi eng Faarf, de Fuedem duerch de Rapport ass deen, eise jonke Generatiounen eng Zukunftsperspektiv ze loossen a weider opzemaachen a keng erdréckend Hypothék a Bürd op hire Schëlleren ze hannerloossen.

Fir dat ze erreechen, brauch een a mengen Ae keng Radikalkur, kee soziale Kahlschlag, keen Doudspueren, kee Briecheisen, mä eng décidéiert Hand fir eng realistesch Reformpolitik, déi dräi Saachen, a mengen Aen dräi Saache muss parallell zesummebréngen: nämlech gesond öffentlech Finanzen, Wuesstum a sozial Kohäsioun.

Wéi komme mer op dëse Pad décidéiert erëm zrëck? Dozou zwou Virbemierkungen - méi atmosphärescher - zur Politik an zu der Atmosphär, wéi sech Budgetsdebatten och am Joer 2012 ofspillen.

Éischt Virbemierkung. Mir hu säit enger Zäit hei am Land, an dat besonnesch nom Scheitere vun der Tripartite am Dezember 2010, eng vun eise wichtigsten Tugende verluer: D'Politik, d'Regierung, d'Chamber, d'Patronatsorganisatiounen, d'Gewerkschaften, aner Acteuren dobause rieden am Moment vill iwwereneen, laanschteneen, géinteneen, awer net méi mateneen.

Den Niveau vun der Debatt, dat konnt een awer an deene leschten Deeg feststellen, ass deelweis - ech soen et riicht eraus - erschreckend polesesch. Et geet virrangeg drëms, fir Egoismen, Partikularinteressen, Kooperatismen ze verdeeden, anstatt ze versichen, fir vernünftige Léisungen am Intérêt vum Land, dat heescht vum Allgemengwuel ze fannen.

An de Problem ass, dass mer eis heiansdo emol net iwwert d'Fakten eens ginn. Dat dierft u sech dat Einfachst sinn.

Ech huelen ee Beispill aus der leschter Woch, wou d'Chambre de Commerce eng Pressekonferenz hat, fir d'Resultat vun enger Émfro - „Eurochambres“ - iwwert d'Stëmmung an eiser Economie matzedeele. An ech hunn - de 5. Dezember war dat - zwou Zeitunge geholl. Déi eng Zeitung huet déi Pressekonferenz iwwertelt mat „Climat des affaires pessimiste“, „Crise de confiance“, „Prévisions au plus bas“. An eng aner Zeitung huet iwwert deeselwechten Evenement getitelt: „Luxemburgs Konjunktur-Himmel hellt sich auf“.

An ech muss soen: Wat fir ee Spektakel an deene leschten Deeg, wann déi eng eis soen, dass de Ruin vum Land bevirsteet an dass een duerfir Mindestloun an Index an Ajustement an esou virun, alles misst ewechgeheien, an déi aner eis zielen, et wär alles a Botter, rien à signaler, et soll ee roueg esou weiderfueren, wéi mer dat bis elo gemaach hunn!

Wéi soll een an esou enger Atmosphär konstruktiv weiderkommen? An ech mengen, dass dat och e bëssen d'Stonn vun der Politik ass, dass dat och e bëssen d'Stonn vun eis hei an der Chamber, awer och vun der Regierung ass, Verantwortung ze iwwerhuelen, fir eng Debatt ze féieren, méi staark Präsenz nach ze weisen an all deene wichtegen, wesentlechen Debatten, déi mer an den nächste Joren ze féieren hunn, sech gutt virzebereeden, intern an extern Kompetenzen notzen.

An ech wëll soen, fir optimisteschesch mat där Bemierkung do opzehalen, dass all representativ Sondagen, déi mer an deene leschte Woche konnte liesen iwwert den Zustand vum Land, eis gewisen hunn, dass iwwer 80% - iwwer 80%! - vun de Sondéierte soen, dass ze zum Beispill sech grouss Suerge maachen iwwert d'Verscheldung an iwwert d'Defiziter hei am Land. Dat mécht een optimisteschesch, fir unzuhuelen, dass - iwwert d'Scharfmacher eraus - et noutwendeg ass, tëschent deene reellen a vermeintleche Skandalen, déi dann dorëmmer grasséieren, Zäit ze hunn, fir iwwert d'Zukunft vum Land ze schwätzen.





Ech wéilt eng zweet Virbemierkung maachen. Mir leiden och un engem pessimisteschem Discours, engem permanente pessimisteschem Discours, där Morosité ambiante, fir ëmmer nëmme just iwwert dat Negativt ze schwätzen, an dat Positivt, och d'Chancen, déi mer hunn an deem Land, d'Energien, déi mer hunn, d'Kompetenzen, déi mer hunn, kaum nach zur Kenntnis ze huelen.

Derbäi gëtt et och Erfolleger ze verzechnen, an ech wäert herno op eenzelter dovunner agoen.

Sécherlech d'Eurokris, d'Scholdekris, déi sozial Kris a ville Länner, virun allem a Südeuropa, läit wéi en - esou hunn ech dat heiansdo gesot - naasse Schwamp op all eisen Diskussiounen.

Mä doriwwer eraus gëtt et awer och Moossnamen, déi endlech ufänken, och Friichten ze droen. D'Defiziter ginn zrëck a ville vun deene Länner. D'Zënse fir Emprunten normaliséiere sech schrëttweis. An ech mengen, dass och duerch den ESM, duerch all déi Instrumenter a Prozeduren, déi mer amgaange sinn, fir ze versichen, eng besser budgetär a wirtschaftlech Gouvernance ze kréien, dass et och do hoffnungsvoll Elementer gëtt.

Woubäi ech fir eis Chamber wëll soen - an ech mengen, dat ass eng Suerg, déi an der Finanzkommissioun oft gedroe gëtt -, dass mer an deenen nächste Wochen, um Ufank vum nächste Joer eng Debatt an deem héijen Haus mat der Regierung musse féieren - mir haten dat schonn eng Keier wëlles - iwwert de Suivi démocratique vun all deene Prozeduren - „Six-pack“, „Twopack“, Semestre européien an esou virun -, fir och iwwert d'Budgetsouveränitéit vun deenen eenzelne Parlamenten an der Europäescher Unioun an der Eurozon ze schwätzen an och eng Upassung ze maache vun eiser budgetärer Prozedur par rapport zu all deenen neien Elementer um europäesche Plang.

Et gëtt Beispiller fir déi negativ Grondhaltung, hunn ech gesot. D'Patronat, an ech hunn dat oft hei bemierkt, riet de Lëtzeburger Wirtschaftstanduert selwer schlecht, obschonn et och do Atoute gëtt. Am leschte Produktivitéits-ranking vun der „Conference Board“ läit Lëtzebuerg an der Produktivitéit op der éischter Plaz vun 39 Industrienatiounen, déi hei getest gi sinn.

Och d'Gewerkschafte schwätzen dauernd, oft fir Lëtzebuerg vun Austeritéit, vu sozialem Ofbau an zeechnen e Bild vun enger scho bal sozialer Kris, déi et zu Lëtzebuerg gëtt. Ech mengen, wann een éierlech d'Tatsaachen an d'Fakte kuckt, dass ee gesäit, dass virun allem ee staarke Sozialstat, dee mer hunn, et fäerdegbruecht huet mat engem funktionnéierende Sozialsystem, fir hei zu Lëtzebuerg derfir ze suergen, dass esou eng Kris an deem Land bis elo ausbliwwen ass.

Statt also Morositéit a Krisensyndrom wär et och hei noutwendeg, no konstruktive Léisungen ze sichen, an ech wéilt der Regierung un d'Häerz leeën, alles ze maachen, fir déi Tugend vum Dialog erëmfannen.

An ech mengen, dass dräi Themen - dat Thema vun de gesonden öffentleche Finanzen, d'Noutwendegkeet vu Wuesstum an engem neie Plan d'action fir d'Kompetitivitéit an drëttens d'Stärke vun eise Sozialstat - dräi Felder wäeren, déi et géife verdéngen, alles ze maachen, fir dass mat der Chamber zesummen d'Sozialpartner erëm an e gemeinsamt Gespräch kommen a wa méiglech och zu gemeinsame Léisungen.

Et ass awer och den Appell un d'Regierung an un déi jeeeweileg Ministeren, och an engem Budget wéi deem vun 2013 dat Zuelewirk net nëmmen eleng ze kucke mat sengen Defiziter, mat senger makroekonomeschen Zilsetzungen, mä och mat de Politiken, déi hannendrusteichen: Investitiounen mat Prioritéiten am Schoulberäich an an der Mobilitéit a mat der Noutwendegkeet, vläicht am Beräich vum Logement nach méi ze maachen, am Bau vun öffentlechen a private Wunnengen, d'Sozialtransferten ervirhiewen.

Eng Zuel wëll ech lech soen. De Fait, dass mer déi héich Sozialtransferten hunn, mécht zu Lëtzebuerg, dass sech den Aarmutsrisiko vu 45% op ënner 15% verréngert. Mir maachen déi Sozialtransferten net einfach fir näischt, aus Kontabilitéitsgrënn. Mir maache se, well se e Sënn erginn an der Kohäsion vun eise Land.

Familljepolitik, mat der Noutwendegkeet déi Betreungsstrukturen, an déi an de leschte Joren ënnert dem Androck vun der noutwendeger Vereinbarkeet vu Beruff a Famill extrem vill investéiert ginn ass.

An ech mengen, och mat der Noutwendegkeet, d'Recherche an d'Innovatioun ze stäerken, mat dem Zil, 1% vum PIB bei der öffentlecher Recherche ze erreechen, an och fir ze soen, och an dese schwierigen Zäiten 1% internationaler Solidaritéit an eiser Kooperationspolitik, déi noutwendeg sinn.

Also, méi Dialog, méi Reflexioun, méi Décisioun, dann awer och méi Optimismus anstatt lamentéiere wäeren a mengen Aen noutwendeg.

Déi zweet Fro, déi ee sech stellt: Wéi kann een d'Lag, déi sozial an ekonomesch Lag vun eise Land am beschte beschreiwen?

Ech hu versicht, e klengen Tableau de bord ze maache mat Stärkten a mat Schwächen - fënnef Schwächen, fënnef Stärkten. Forcément net nëmme lauter Positives a forcément och net nëmme lauter Negatives.

Eng éischt Schwächt ass, wa mer iwwert de Budget 2012 an 2013 schwätzen, dass en Defizit am Joer 2012 vun 1,6 Milliarden an en héijen Defizit nach ëmmer vun enger Milliard am Zentralstat 2013 héich, méiglecherweis ze héich sinn. An den Iwwerschoss - dat soen ech all deenen, déi esou Gedankspillereie maachen -, den Iwwerschoss vu 760 Milliounen 2012 bei der Sécurité sociale - an de Sozialminister weess dat - relativéiert zwar dat Bild, mécht et besser fir Bréssel, wa mer d'Zuele schécken, mä mir wëssen, dass déi Gelder do, virun allem an de Rentereserven, verplangten, jo versprache Gelder sinn, déi een net einfach esou kann eriwuertransferéieren.

Eng Stärkt op där anerer Säit ass déi, an ech hunn et gesot, dass Lëtzebuerg ee vun deene wéinege Staten, Eurostaten ass, déi d'Maasstrichter Kritären - dat heescht ënner 3% Defizit am gesamten öffentlechen Haushalt an ënner 60% Verschëldung - nach hunn a respektéieren an doduerch och den Triple-A behalen, obschonn ech net zu de Fanen, wierklech net zu de Fanen vun de Ratingagenturen zielen.

Eng zweet Schwächt: D'öffentlech Verschëldung ass relativ par rapport zu deenen anere verglach niddreg, awer et muss eis heibannen an dobaussen dach awer Suerge maachen, wann ee gesäit, dass mer am Joer 2007 - dat war virgëschter - 6,7% Verschëldung vun eise PIB haten an am Joer 2013 bal bei 25% leien.

Och wann een déi zwou Milliarden Apport an d'BGL BNP Paribas erausrechent, bleift den Ustieg vun eiser Verschëldung säit 2007 extrem héich. An ech wëll dat och an enger anerer Zuel benennen, dass d'Charge vun der Dette, déi Zësen, déi mer zrëckbezuelen op déi Schold do, am Joer 2007 - lauschtet gutt no! -, am Joer 2007 30 Milliounen waren, an am Joer 2013 wäerten dat 220 Milliounen sinn, Tendenz steigend!

Dat si Suen, déi eis an de Politike feelen. An ech wëll bei der Verschëldung och soen, dass Lëtzebuerg am Verglach zu villen anere grësseren a grouse Länner e Land ass, wat wéineg Ofwierkräften huet, wann et muer emol eng Keier an eng Scholdespiral erakënn; vill méi kleng Ofwierkräften, wéi dat grouss Länner hunn.

Eng zweet Stärkt derniewent: Mir hunn héich Investitiounen an deem Budget 2013; nach wie vor 1,7 Milliarden. Dat si bal 4% vum PIB. A mir leien domadder bei deenen héchsten Investitionsquoten an der Europäescher Unioun. Investitiounen heescht Wuesstumsimpulser ginn. An dat gëllt, mengen ech, och fir déi Impulser, déi mer kënnen ginn, fir d'Kafkraaft vun de Leit dobaussen ze erhalen.

Dofir waren déi politesch Décisiounen, fir den Indexmechanismus ze erhalen, mat der Garantie vun enger Tranche den 1. Oktober all Joers an dese Jore vun der Kris, d'Augmentatioun vum Mindestloun, déi mer d'nächst Woch wäerten decidéieren, an och nom Report vum Accord salarial d'Noutwendegkeet mat deem Accord salarial, dee mer an dese Wochen an der Chamber amgaange sinn ze diskutéieren, an och decidéiere wäerten eng kontinuéierlech Lounpolitik och an der öffentlecher Funktioun ze maachen.

Eng drëtt Schwächt, déi ech géif detektéieren, ass déi, dass de Wirtschaftswuesstum... Wann alles gutt geet, sti mer um Enn 2012 knapps do, wou mer am Ufank 2008, am Ufank vun der Kris, waren. Et ass zu Recht vum Statec, mengen ech, als fënnef verluere Jore fir de PIB duergestallt ginn. A mir müssen als Schwächt och ugesinn, dass eng schlächend Desindustrialiséierung eise ekonomeschen Tissu extrem schlecht doet, och wann dat eng Entwécklung ass, déi och an deenen anere Länner vun der Europäescher Unioun feststellen ass.

Eng drëtt Stärkt awer derniewent ass déi, dass mer an deene leschte Jore säit 2008 - an et muss ee sech dat awer gutt virstellen: säit 2008! - an deem Land 32.000 nei Aarbechtsplaze geschafen hunn. 32.000 nei Aarbechtsplazen! D'Kompetitivitéit schéngt also nach wie vor gutt ze sinn. An ech hunn dofir am Rapport och d'Beispill vun dem globale Kompetitivitéitsindex geholl, wéi e vum IMD publizéiert gëtt, wou Lëtzebuerg op der zwielefter Plaz vun 59 Länner steet, déi analyséiert gi sinn.

An ech bleiwen derbäi: Wann een - an ech soen dat och de Chambres patronales an der Cham-

ber vun de Salariéen - an der Kompetitivitéit net nëmmen eleng de Coût salarial kuckt, mä wann een och déi héich Aarbechtszäit hält, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, wann een eng ganz gutt performant Fiskaliteit fir d'Entreprise kuckt, wann een d'Lounniewekäschte kuckt a wann ee virun allem och de soziale Friden an d'sozial Kohäsion kuckt, da bleift Lëtzebuerg och a senger Economie e kompetitiiv Land.

Eng véiert Schwächt: De Chômage - an ech hunn et virdru scho gesot - ass säit 2008 an der Moyenne vu ronn 4 op iwwer 6% an d'Luucht gaangen. A mir sollten och kucken, dass an de Beschäftigungsmoossnamen, zäitlech befristete Moossnamen, déi et gëtt, iwwer 4.000 Persounen a sech an enger ganz prekärer Beschäftigungssituatioun nach wie vor sinn. Vun der Kuerzaarbecht wäerten 2012 bal 7.000 Leit be-traff sinn. An de Coût vun der Kuerzaarbecht ass am Joer 2011 13 Milliounen. Am Joer 2012 wäert e 24 Milliounen, also iwwert dat Duebelt, bedeiten.

Eng véiert Stärkt derniewent: Mir hunn e staarke Sozialstat mat gudder Renten, enger domadder och niddreger Altersarmut. Mir hunn e gudder reforméierte Gesondheetssystem. Mir hunn e Fonds pour l'Emploi, deen an der Lag ass, d'nächst Joer 700 Milliounen ze investéieren, fir Beschäftigungsmoossnamen, fir de sozialen Traitement vum Chômage ze begleeden. A mir leie bei Eurostat mat 22,7% vum dem PIB fir d'sozial Sécherheet a ganz gudder Limiten.

Eng fënneft Schwächt: D'Zuel vun den RMG-Empfänger - an et ass heiansdo gutt, wann ee sech déi Zuelen emol eng Keier virun Aen hält - läit bei 19.400 Leit, déi an 10.000 betreffenne Ménagen den RMG hunn; d'Zuel vum Ufank vun deem Joer. An ech soen och eng Zuel, déi ech d'nächst Woch als Àre Rapporteur beim Mindestloun wäert soen, och dat, mengen ech, nach eng Keier virun deene Konsumwochen, déi elo bis Silvester bevirstinn, sech och nach eng Keier virun Aen ze halen, dass zu Lëtzebuerg 52.000 Leit um Mindestloun verdéngen.

Nach eng Keier: 19.400 Leit liewen a Ménagen, déi den RMG kréien. An 52.000 Leit kréien de Mindestloun vun 1.800, 1.900 Euro. Och dat weist, dass et eng Realitéit gëtt an engem Land, wou mer héich Präisser kennen, héich Logementspräisser, héich Loyerer, wat och bedéngt, dass mer en héije Mindestloun brauchen, fir de Leit ze hëllefen, net an Aarmut ofzogleiten.

An do derniewent eng fënneft Stärkt: eng grousszügig Familljepolitik. Ech hu virdru scho gesot, dat, wat d'Familljeministesch an deene leschte Joren - an d'Zuele weisen dat am Budget - an de Betreungsstrukturen gemaach huet an investéiert huet, léisst sech weisen. Ech kommen herno nach eng Keier op dee Paradigmewiessel, deen an der Tripartite 2006 decidéiert ginn ass, zrëck.

1,1 Milliard ginn un d'Familljenallocatiounen, un d'Familljen iwwert d'Kannergeld, de Kannerbonus an d'Allocation de rentrée scolaire. 1,1 Milliard! An dobäi kommen all déi Suen, déi Stat a Gemengen nach investéiere fir Infrastrukturen am Beräich vun de Maisons relais, vun de Chèques-services, vun de konventionéierte Crèches an esou weider.

Eurostat - eng lescht Zuel zu deene Stärkten a Schwächen - huet virun e puer Deeg seng neisten Zuelen herausginn an huet festgehalten, dass mat 18% Sozialtransferten - fir eleng d'Familljen 18% - vum PIB Lëtzebuerg rekordverdächtig op der éischter Plaz vun allen europäesche Länner an deem Beräich läit. Ech wiere mech also um Enn vun deene Stärkten a Schwächen géint Schwarz-Wäiss-Molerei, well d'Situatioun, déi mer virfannen, weder nëmme schwarz, awer och net nëmme wäiss ass. Et gëtt Stärkten an et gëtt gutt Voraussetzungen, fir d'Problemer kennen an de Grëff ze kréien.

Ech hu virdru gesot: Jo, Eurokris, Scholdekris, Vertrauenskris, Sozialkris läit a ville Länner - fir et nach eng Keier ze soen - esou wéi en naasse Schwamp atmosphäresch iwwer eis. An trotzdeem, mengen ech, sollt een Zil eis och orientéieren. An ech mengen, dat Zil kann nëmmen heeschen, dass et net onbedéngt eis muss nach besser goen an deenen nächste Méint a Joren, mä dass et deenen, déi no eis kommen, eise Kanner an Enkelkanner, au moins esou gutt geet wéi et eis geet, a ville vun hin-nen, déi et néideg hunn, och nach besser.

An dofir ass de Projet, deen ech lech am schrëftleche Rapport proposéiert hunn, ee Projet, dee sech virun allem soll un d'Perspektive vu Kanner a Jugendlechen orientéieren. All Studie weisen, all Sondagë weise bei eis an och allen anere Länner niewent eis, dass, wann een d'Bedéngungen dofir schafft, wann d'Bedéngungen stëmmen, Jugendlecher an hirer grousser Majoritéit zefridde si mat hirer Situatioun, optimisteschen an d'Zukunft kucken, dass Famill, Kanner erzéien hinne wichteg ass, dass Wäerter hinne wichteg sinn, dass Aarbecht a sozialen Engagement fir si wichteg sinn.

An ech mengen, si sinn och wichteg fir eis, fir en Zitat vum Willy Brandt ze huelen, dee gesot huet: „Mir brauchen d'Erausfuhrerunge vun der jonker Generatioun, soss géifen eis d'Féiss aschlofen.“

Jo, et géifen eis d'Féiss aschlofen, wa mer net och derfir suergen, dass et, bei allem Optimismus, deen et bei de Jonke gëtt, bei aller Dynamik, bei aller Energie, och vill Jugendlecher am défavoriséierte Milieu gëtt, vill Jugendlecher - wéi heescht dat haut? - mat Migratiounshangergrond, déi net esou optimisteschen an d'Zukunft kucken a fir déi, mengen ech, d'Chancen net esou gutt sinn. An dofir ergëtt sech och de Sënn a ville Politiken an deem Budget 2013, fir deene Jugendlechen ze hëllefen, och selbstbewusst Memberen ze ginn, se net stoen ze loossen op der Säit vun der Strooss an de Sënn och, fir déi Politike méi kloer ze schreiwen.

Politik maache fir déi nächst Generatiounen heescht dann, gesond Statsfinanzen ze hannerloossen, kee Scholdebiurg mat héijen Zësen a mat enger Aschränkung vum Gestaltungsspillraum fir déi zukünftige Generatiounen. Dat heescht, sécher Aarbechtsplazen. Dat heescht virun allem - ech kommen herno nach drop zrëck - am Logementsberäich fir bezuelbare Wunnraum suergen.

Dat heescht, an der Bildung de Gächis verhënnern, andeem een an der Schoul all Chancen an all Fäegkeeten, all Talenter vun de jonke Leit erauskëddelt. An déi Reform, déi d'Éducationministesch mat vill - an ech soen dat hei ganz däitlech -, mat ganz vill perséinlechem Engagement a Motivatioun versicht ugaang ze kréien, hätt heiansdo méi verdéngt wéi déi steril Diskussiounen, déi mer dach do feststellen. A wa gesot gëtt, den Intérêt vun de Kanner a vun de jonke Leit steet am Mëttelpunkt, da géif een hoffen, dass dat och wierklech ëmmer de Fall wier.

An ech hunn et virdru gesot, bei de Familljen ass virun allem den Aarmutsrisiko ëmmer do, wou Kanner sinn, net bei deenen Eeleren. En ass do, wou Kanner sinn. An ech mengen, och do ass de Budget 2013 a villen Transferten eng Äntwert drop, fir virun allem elengerzéende Fraen, virun allem Fraen ze hëllefen, déi mat Kanner dach den Euro zwee- an dräimol müssen ëmdréien, fir iwwert den Dag an iwwert d'Woch ze kommen.

D'Familljepolitik muss also wirksam sinn engersäits duerch direkt Geldtransferten un d'Familljen, mä awer och op där anerer Säit duerch den Ausbau vun den Infrastrukturen, vun de Betreungsstrukturen, déi och e pädagogesche Sënn, e pädagogescht Konzept müssen hunn. Ech mengen, dass dat och wichteg ass fir d'Chancégläichheet ënnert deene jonke Leit an ënnert de Kanner.

Ech hu virdru gesot, de Paradigmewiessel, dee mer nach... Dat waren nach Zäiten, an der Tripartite 2006, wou et en Accord tëschent Regierung a Sozialpartner gouf, fir d'Desindexéierung vum Kannergeld virzehuelen. Net fir ze spueren onbedéngt, mä als Paradigmewiessel, fir dat Geld ze huelen a méi an d'Strukturen ze investéieren, déi virun allem de Kanner och gutt dinn an hirem Selbstwäertgefühl.

A wann ech kucken, wat déi Desindexéierung vun de Familljen, vum Familljegeld, vum Kannergeld 488 Milliounen fir de Stat abruecht huet - wann een dat esou ka soen -, mä dass mer awer ëmgedréit bal 600 Milliounen an d'Be-treungsstrukturen investéiert hunn... An da rechnen ech déi 100 Milliounen netto all Joer fir d'Aféierung vum Kannerbonus net mat, wou jo virun allem déi Familljen, déi keng Steiere bezuelen hunn, netto dovunner profitéiert hunn.

Mir hunn also de Paradigmewiessel net nëmmen netto an den Zuelen erreecht. Mir hu largement doriwwer eraus an déi Richtung investéiert, déi mer deemools virginn hunn. An dofir hu mer dee Paradigmewiessel réusséiert. An ech géif doriwwer eraus awer soen, niewent deem Erfolleg do - an dat ass e politeschen Erfolg - ass et, mengen ech, wichteg awer opzepasst.

Ech huelen déi zwou Ännerungen, déi mer virgehoill hu bei de Chèques-services. Mir si ganz generéis an dee System eragaang, mä dass mer an engem Joer schonn zweemol um System d'Konditiounen ännere ginn au détriment virun allem vun de Familljen, awer virun allem de Famillje mat méi héijerem Revenu, ass, mengen ech, eng Politik, wou mer gutt müssen oppassen, wat dat konkret um Terrain heescht. Zum Beispill, wa vill Famillje muer hir Kanner aus de Strukturen eraushuelen, well et hinne ze deier gëtt - ech hoffen net, dass déi Entwécklung do ass -, géif dat der sozialer Mixitéit an de Strukturen schueden.





An ech mengen, dofir ass et wichteg, dass mer an deenen Diskussiounen, déi mer elo iwwert d'Budgeten 2014 a '15 an doriwwer eraus féieren, ganz gutt mussen oppassen op d'Geldleeschungen an d'Strukturleeschungen fir d'Familljen, mä innerhal vum de Geldleeschungen och eng kloer Ennerdeeling maachen tëschent deem, wat Rechter vun de Kanner sinn, Rechter och beim Kannergeld sinn, och juristesche Rechter vun de Kanner sinn, an op där anerer Säit dat, wat mer selektiv solle maachen, do, wou mer also deene Familljen, déi et méi brauchen, méi Hëllef weé deenen aneren.

D'Familljepolitik dierf keng Almosepolitik sinn. Och hei gëtt et verbrieften a soll et verbrieft Rechter ginn, déi d'Famillje sollen hunn, well ech mengen, an dese Joren - net nëmmen an dese Joren, mä virun allem an dese Krisejoren - ass et net d'Schwächung vun de Familljen an de Kanner, déi op der Dagesuerdnung musse stoen, mä d'Stärkung vun de Familljen a vun de Kanner a vun deene jonke Leit.

Ech wëll nach eng Bemierkung zur Method an zur Gouvernance maachen. Ech géif mer erhoffen, dass mer an alle Fäll emol derfir suergen, eng Kohärenz vun de Politiken ze maachen. Mir hunn eng Rei vun europäesche Politiken, europäesche Virgaben, och nationale Virgaben, Plan-d'actionen hei, Plan-d'actionen do, ze versichen, ëmmer erëm eis Zäit ze huelen hei an der Chamber, awer och an der Regierung, fir d'Kohärenz tëschent deenen eenzelne Saachen am A ze behalen.

Ech géif mer wënschen a weess, dass de Premierminister a senger Virbereedungen, déi säit Wochen - fir net ze soen - a Méint amgaange sinn, zum Schluss kënn, fir déi Table ronde anzeberuffen, déi iwwer Prozeduren an iwwer laangwiereg Prozeduren a Bürokratie mat den Acteuren dobauss soll diskutieren, mat de Sozialpartner, mä och mat de Gemengen a villen aneren Acteuren, zum Beispill am Beräich vun der Landesplanung, am Beräich vun der kommunaler Planung, fir derfir ze suergen, dass mer hei erëm méi schnell vun der Plaz kommen, wéi mer dat oft maachen.

Ech géif mer och wënschen, dass mer an der Aufgabe vum Finanzminister derfir suergen, dass mer net nëmmen iwwer e Budget schwätzen, eng Budgetplanung, déi méi achséiert ass op Objektiv an op Resultater wéi op Moyenen. Do kënn mer op d'Etüd vun der OECD bauen, mir kënnen op d'Proposition de loi vun eise Kollege Roger Negri bauen, der LOLF, mir kënnen op déi nei Direktive bauen, deenen neie Cadre budgétaire, deenen eis vun Europa gezechent gëtt.

Ech wëll zwee kleng Beispiller huelen, wéi een, mengen ech, muss oppassen och an der Budgetplanung d'Kohärenz vun de Politiken zesummenzehalen. Mir soen ëmmer erëm: „Prioritéit fir den öffentlichen Transport.“ Wa mir dat soen an ech huelen zwou Moosnamen eraus, engersäits déi fir beim Abatement iwwert d'Frais de déplacement, bei der Kilometerpauschal déi éischt véier Kilometer ofzeschaffen, an op där anerer Säit och eng Verdeierung vum öffentlichen Transport virzehuelen, dass mer, mengen ech, do...

An ech géif et wierklech dem Minister proposieren, fir an enger Table ronde vun allen Acteuren, ënnert der Égide vun der Communauté des transports mat deenen, déi hei an der Stad fir den öffentliche Verkier verantwortlech sinn, déi, déi et am Süde sinn, déi, déi et am private Beräich sinn, sech zesummesetzen an d'Kohärenz vun de Moosnamen mateneen ze diskutieren an ze kucken, wéi een dat dann och wierklech konkret austaréiert.

Ech géif en zweet Beispill nennen. Dat ass dat am Beräich vun der Ukënnung vun der Regierung, fir d'Subsiden un d'Gemengen allegueren an Zukunft un d'finanziell Situatioun vun de Gemengen ze koppelen. Eng Ukënnung, déi mer an der Finanzkommissioun diskutiert hunn an awer gemierkt hunn, dass ee sech do nach vill Froe muss stellen, déi net beantwort sinn, an dass een och do virun allem muss derfir suergen, dass et eng Kompatibilitéit gëtt vun där Décisioun do, oder där Ukënnung, an op där anerer Säit de Politiken, déi mer am Rahme vum IVL zum Beispill hunn, oder am Plan sectoriel «Logement», deen et nach net gëtt, deen et als Projet gëtt, mä deen et awer hoffentlech gläich wäert ginn, dass mer hei eng Kompatibilitéit vun de Politiken musse siche par rapport zu deem, wat mer décidieren.

Ech wëlt an deenen nächste Minutten iwwert dee Budgetsprojert 2013 no dem Markéiere vun enger ganzer Rei vu Politiken, déi sech an deem Budgetsprojert erginn, op eng Rei vun Zuele

kommen. Ech wollt net méi laang iwwert d'Prozedur schwätzen. Deen aussergewöhnleche Virgank, dass nom Dépôt vum Budget den 2. Oktober op Initiativ och aus der Chamber eraus nach en Amendéiere stattfonnt huet, ass laang genuch kommentéiert ginn. An ech géif et och dobäi beloussen.

Déi Ännerungen, déi duerch d'Amendementer gemaach gi sinn, muss ee virun allem virum Hannergrond vun deem viraussichtleche Joresofschloss vum Budget 2012 gesinn, dee mat engem Budgetdefizit vun 1,65 Milliarden wäert ofschléissen. 1,65 Milliarden Defizit am Joer 2012! Do muss ee vläicht e bëssen driwwer nodenken, wann ech d'Kommentaren aus deene leschte Stonnen nach esou an den Oueren hunn.

Dat ass par rapport zu dem Budgetsprojert, wéi mer en am Dezember 2011 votéiert hunn, eng Verschlechterung vum viraussichtleche Resultat vu genau 505 Milliounen. An all eenzel Ausgaben, déi derbäikomm sinn, loosse sech, wann ee se eenzel diskutéiert, largement och argumentéieren a legitiméieren. Mä ech mengen, dass dat insgesamt Resultat, wat dach awer schlecht ausfällt, vill méi schlecht wéi geplangt, och wann een dee gesamten öffentlichen Haushalt hält, 866 Milliounen Defizit, 2% vum PIB...

D'Zil also, deenen héijen Defizit, deenen eis den 2. Oktober fir de Budgetsprojert 2013 virgeluecht ginn ass, nämlech 1,3 Milliarden Defizit, 2,8% vum PIB am Zentralstat, ze reduzéieren an eis erëm zréckzehuelen op déi Trajectoire, déi mer hei am héijen Haus am März an am Abrëll an zwou Debatte mat der Regierung festgehalten haten, an op déi Trajectoire vum Programme de stabilité et de croissance zréckzekommen, nämlech en Defizit vu ronn enger Milliard, war, mengen ech, d'Aufgab vun deenen Amendementer. An dat ass duerch eng zousätzlech Konsolidéierung vun 250 Milliounen op also en Defizit vun 1,04 Milliarden, 2,3% vum PIB, an an der Administration publique 383 Milliounen Defizit an domadder engem Defizit vun 0,8% vum PIB.

Ech wëll och heibanne soen, ouni déi Konsolidéierung, ouni dee Kraaftakt, deen d'Regierung zesumme mat de Fraktiounen virgeholl huet, géife mer haut bei engem Defizit am Zentralstat vu bal ronn 2 Milliarden leien an dat wär, mengen ech, 4,2% vum PIB am Zentralstat, an dat wär fir de gesamte Stat bei ronn 1,3 Milliarden Defizit, an domadder 2,9% vum PIB, also dach ee Jippelchen ënnert deenen 3% aus dem Maastrichter Kritär.

Ech wëll hei gutt verstane wëssen, dass ech d'Analys vum Budget och am schréffleche Rapport maachen op der Basis vun deene sougenannte SEC-95-Zuelen, deenen, déi mer also zu Bréissel eraginn a fir déi mer och am Rahme vun de Politiken do mat deenen anere Länner verglach ginn. Hei an der Chamber stëmme mer de Statsbudget no de Regele vum Kontabilitéitsgesetz, wéi se 1999 opgestallt gi sinn.

Ech wëll e puer Rappele maachen. Deen éischte Konsolidéierungspaket, am Abrëll 535 Milliounen, dat waren deemools 350 Milliounen mander Dépenses, dovunner 125 Milliounen Investitiounen, déi gestreckt gi sinn, déi net definitiv ofschléissend fort sinn, mä déi an der Zäit gestreckt gi sinn, 100 Milliounen bei de sozialen Transferten, dovunner 70 Milliounen beim Ajustement, 60 Milliounen bei de Frais de fonctionnement a 55 Milliounen duerch de Report, wat ech virdu gesot hunn, vum Accord salarial, wou an engem duerno weideren Accord mat der repräsentativer Gewerkschaft vun der Fonction publique, der CGFP, jo en Accord fonnt ginn ass, dee mer an dese Wochen an der Chamber diskutieren.

185 Milliounen Recetten, dovunner 100 Milliounen fir d'Solidaritéitssteuer. Ech wëll iwwerengs soen, d'Solidaritéitssteuer, déi jo dofir do ass, fir virun allem och d'Dépenses am Fonds pour l'Emploi ze decken, Dépenses, déi eleng vun '12 op '13 ëm 92 Milliounen an d'Luucht ginn. Dofir, mengen ech, ass dat net vu Mutt-wëll, och hei sech weider Recettë sichen ze goen. An dann, ech kommen herno op déi zréck, 50 Milliounen Mindestbesteuerung bei den Entrepreneuren, 35 Milliounen bei den Accisen.

En zweete Paket beim Dépôt vum Budget am Oktober, nach eemol ronn 166 Milliounen, mat engem Total da vu 701 Milliounen. An ech mengen, dat war eng Reaktioun vun der Regierung op d'sech verschlechternd Croissance-Zuelen, well mir baséieren an deem Dépôt vum Budget nach op 1,7% Croissance, an an der Tëschenzäit sinn déi Zuelen nach méi schlecht ginn, well haut gëtt gerechent, dass d'Croissance 2013 an enger Fourchette vun engem hallwe bis 1% wäert leien.

De Problem war, dass vill vun eis heibannen - vill, ganz vill, déi meescht - dese Paket als ongenügend emfonnt hunn, dass se der Meinung waren, dass e politescht Konzept an deene Spuermoosnamen Ufank Oktober net esou

däitlech ginn ass, an dofir de Budget nach eng Keier op de Métier geholl ginn ass fir en drëtten Konsolidéierungspaket vun 251 Milliounen, deen eng Rei vu Rééquilibrage virgeholl huet.

Een éischte Rééquilibrage bei der Fro tëschent Dépenses a Recetten. Deen drëtten Paket besteet zu 180 Milliounen aus zousätzleche Recetten, zu 70 Milliounen aus weineger Dépenses, an dat mécht dann e gesamte Konsolidéierungspaket vun 952 Milliounen, dat sinn 2%, eppes méi wéi 2% vum PIB.

Dass dee Rééquilibrage och noutwendeg war, an dat wëll ech all deene soen, déi ech an deesen Deeg héieren, dozou och Stellung huelen, de Rééquilibrage unzesetzen tëschent de Steiere vun de Personnes physiques an de Steiere vun de Betriber. Dass sech d'Entrepreneuren an der Tëschenzäit, an d'Entwécklung, déi weist ganz kloer an eng Richtung: Ëmmer méi kënn de groussen Deel aus der Akommessteuer, an d'Betriebsbesteuerung hält an de gesamte Recettë vun de Steieren ëmmer méi of. Dorobber hu mer Äntwerte ginn!

Ech wëll awer hunn, dass dat och emol zur Kenntnis geholl gëtt, dass mer am Joer 2013 fir d'éischte Keier de Prinzip vun der Mindestbesteuerung vun Entrepreneuren aféieren; zur Kenntnis huelen, dass mer d'Steier bei de Finanzgesellschaften vun 1.500 op 3.000 verduebelt hunn; zur Kenntnis huelen, dass mer d'Solidaritéitssteuer och vun de Betriber, net nëmmen vun de Personnes physiques, mä och vun de Betriber vu 5 op 7% an d'Luucht gehuewen hunn.

Wann ee weess, dass 80% vun de Kapitalgesellschaften keng Steieren hei zu Lëtzebuerg bezuelt hunn, da sinn dat do, mengen ech, wichteg Décisiounen, wichteg zukünfteg Instrumenter, déi et erlaben, fir méi Steiergerechtegkeet och tëschent de Personnes physiques an de Betriber ze kréien.

Wann ech d'Lamentéieren dobaussen héieren, wëlt ech de Betriber an hire Responsabele soen, dass, wann een de Vergläich mécht vun de Betriebssteieren zu Lëtzebuerg par rapport zu deenen anere Länner, da läit eis Betriebsbesteuerung an der Tëschenzäit netto ënner 20%. Si läit an Däitschland bei ronn 25% a si läit a Frankräich bei ronn 27,5%. Mir sinn also do nach wie vor an der Fiskalitéit absolut kompetitiv an där Landschaft do.

Deen drëtten Équilibre war dee bei de Personnes physiques. De Prinzip, staark Schëllere solle méi belastscht kënnen gi wéi schmuel Schëlleren, en sachant bien bei de Steieren, fir dat och an Erënnerung ze ruffe bei esou Budgetdebatten, dass 40% vun de Leit dobauss keng Akommessteuer bezuelen. 40% also och vu ville vun de Moosnamen am Steuerberäich iwwerhaapt net touchéiert sinn, inderne gelooss gi par rapport zu där Belastschung, déi do op d'Leit zoukënn.

Mä ech hu gesot, staark Schëlleren, dofir d'Solidaritéitssteuer op 7%. Déi betrëfft déi Leit, déi Steiere bezuelen. Also déi, déi keng Steiere bezuelen, bezuelen net.

De Super-Taux bei der Solidaritéitssteuer op 9% erophiewe fir déi Leit, déi eleng bei iwwer 150.000 Euro an zu zwee bei iwwer 300.000 Euro leien.

An dann natierlech och de Spätzesteiersatz op 40% huelen an och hei deem Rechnung droen, wat ech an deene leschten Deeg héieren hunn, Mëttelstandsbockel.

Jo, mir gesinn dat och a mir hunn dofir eng Äntwert ginn, well mer dat net nëmmen als eng weider Tranche, mä als eng Tranche, déi sech just applizéiert bei 40%, fir déi Leit, déi an der Steuerklasse I iwwer 100.000 an an der Steuerklasse II iwwer 200.000 Euro leien.

A schlussendlech eppes, wat ech net fir mënscheméiglech gehalt hätt bis elo, wann ee sech dann Zäit hält, fir an déi Saachen eraucken ze goen, dass d'Besteuerung vu Stock-options - Promesse, déi also héich Kaderen, gutt gestallte Leit u sech an den Entrepreneuren, an der Finanzwelt, Promessen, déi se sech maache loosse -, dass déi hei zu Lëtzebuerg sou bei ronn enger Besteuerung vun 3, 4% louchen. Och do féiert déi Moosnam, déi mer geholl hunn, zu 50 Milliounen méi Recetten, mä virun allem och zu méi Steiergerechtegkeet, wéi mer dat bis elo de Fall haten.

An dann héieren ech d'Lamentéieren dobaussen, wat d'Steierlandschaft ubelaangt. Ech verwonnere mech iwwerengs, dass ech an deene leschte Wochen nach ni esou vill Leit begéint hunn an héieren hunn, déi geschriwwen a gesot hunn, dass si a sech esou gutt gestallt wäeren, finanziell, dass se ganz gären op hiert Kannergeld oder op d'Allocation de rentrée scolaire an esou viru géife verzichten.

Dat ass gutt esou. Dat hält ee gären zur Kenntnis. Dat ass a priori positiv. Ech froe mech just, firwat dass déiselwecht Leit, wann de Spätzesteiersatz ëm 1% an d'Luucht geet, dann an eng Depressioun verfallen, wa se op där anerer Säit

awer bereet wäeren, op Honnerte vun Euro bei Kannergeld a bei anere Moosnamen gär ze verzichten.

Ech mengen, dass eng gerecht Steierlandschaft zur Glafwürdegkeet vun eise Land bäidréit an och zur Glafwürdegkeet vu Politiken bäidréit, wann d'Leit d'Gespieler hunn, dass et gerecht zougeet zu Lëtzebuerg an dass net nëmmen an der Akommessteuer brav Steiere bezuelt gëtt, mä dass och an anere Gebidder, och bei de Betriber, dat gemaach gëtt.

Ech hunn och de Spätzesteiersatz gekuckt am Vergläich zu anere Länner. Wann ech deenen absoluten, maximale Spätzesteiersatz huelen, deen et elo kann zu Lëtzebuerg ginn, à savoir 40% Spätzesteiersatz fir déi ganz héich Revenuen, an eng Solidaritéitssteuer vun 9%, de Super-Taux also och fir déi ganz héich Revenuen, da lant ee bei engem Spätzesteiersatz vun 43,6% zu Lëtzebuerg. An Däitschland 47,2%, a Frankräich 50,7%. An ech halen op, well déi meescht Länner largement dodriwwer sinn. Ech mengen, och dat soll een dann zur Kenntnis huelen.

Mir hunn an deem Konsolidéierungseffort do och ee klengen Effort gemaach bei de Familljen. Ech hu gesot, bei de Chèques-services muss een och iwwer Planungssécherheet fir Familljen diskutieren, wann een ze vill schnell, ze vill oft, ze vill abrupt Ännerunge mécht. Mä déi kleng Ännerung, déi mer gemaach hu bei der Allocation de rentrée scolaire, déi eng Erspueren ass vun 11 Milliounen - 11 Milliounen, dat mécht genau 1% vun deenen 1,1 Milliard, 1,1 Milliard, déi mer un d'Famillje ginn -, ech mengen, dass deen Effort net ze grouss ass, net ze grouss verlaangt ass, fir am gesamte Konsolidéierungseffort och seng Noutwendegkeet ze spillen.

An ech hu mech dunn améséiert, wéi anerer och - an dozou wäert ech och nach eppes soen -, ech hu mech améséiert, fir dräi Beispiller ze rechnen, fir ze kucken, wéi dann déi 952 Milliounen Effort, déi mer hei maachen zur Konsolidéierung vun eisen öffentlichen Finanzen, sech op dräi prezis Koppele mat zwee Kanner auswirken.

Bei 4.300 Euro de Mount Revenu vun enger Koppel, wou ee ganz schafft an een hallefdags schafft, mat zwee Kanner also, wäert den Apport un deem Effort, deen hei verlaangt gëtt, bei 25 Euro de Mount leien. Bei engem Akommes vun 9.300 Euro vun darselwechter Koppel, och mat zwee Kanner, wäert deen Effort leie bei 84 Euro de Mount. A bei enger Koppel, déi 19.500 Euro Revenu zesummen huet, wäert deen Effort bei 221 Euro de Mount leien.

Ech soen dat, fir och ze soen, dass, wa vun där ënneschter Koppel bis zu där mëttlerer de Revenu ëm 2,2-mol méi héich ass, den Apport, d'Belastschung, d'Bedelegung um Effort, dee mer maachen, bei 3,3-mol méi läit. A wa vun där ënneschter Revenus-Koppel bis zu där ieweschter de Revenu 4,4-mol méi héich ass, dann ass den Effort, dee se maache bei de Belastschungen, 8,8-mol méi héich. Fir kloerze maachen, dass mer hei effektiv eng Progressivitéit hunn, fir vun deenen, déi et méi kënnen, déi méi breet Schëlleren hunn, fir dobäi ze bleiwen, dass déi och méi maachen.

Ech wëll der Chambre des Salariés soen, a mengem perséinlechen Numm, dass ech viles vun den Iwwerleegungen, déi se maachen iwwert d'sozial Kohäsioun zu Lëtzebuerg, deelen, an dass ech och iwwert déi zukünfteg Steierlandschaft, déi mer zu Lëtzebuerg brauchen, munches deelen an den Analysen an och an de Propositionen. Ech hätt mer awer gewënscht, dass, wann ee Beispiller rechent, een dann net d'Indexmodulation mat drarechent, fir zu méi enger héijer Belastschung ze kommen, an et dann net nëmmen ze loosse bei der Analys vun de Konsolidéierungsefforten, mä och den Index mat drarechent, fir dann zu méi héijen Apporten ze komme wéi dat, wat reell an der Budgetsanalysis noutwendeg ass.

An ech wëll och soen, an deene leschten Deeg hunn ech héieren, de Mëttelstandsbockel - jo, de Mëttelstandsbockel ass elo keng Erfindung vum Budgetsprojert 2013, dat ass eppes, iwwert dat mer effektiv an enger grousser Steierreform musse diskutieren -, mä ech hu gesot, mir hunn och eng Äntwert ginn doduerch, dass mer déi 40% net einfach nëmmen hannendrugelaakt hunn, mä dass mer se an enger méi héijer Tranche gesat hunn, fir deem Rechnung ze droen, dass mer dem Mëttelstandsbockel an de Couches populaires och musse gerecht ginn.

Ech hu virdu gesot, 2013 an deem Budget, sécherlech eng Reduktioun vum Invest vun 287 Milliounen. Mä bei 1,7 Milliarden, déi mer weiderhin investéieren, 3,8, also ronn 4% vum PIB, ass dat nach ëmmer ganz vill. A mir sinn eis virun allem heibannen am Haus, an och dat ass wichteg, eens iwwert d'Prioritéiten, déi mer bei den Investitiounen brauchen: D'Schoul mat der absoluter Prioritéit Nummer een, d'Mobilitéit an och de Logement sinn déi Prioritéiten, déi,





mengen ech, heibanne vu jiddwerengem ënnerstëtzt ginn.

D'Zil ass also vun deem Budget do - an ech kommen elo zrëck op dat, wat ech am Ufank gesot hunn -, en Équilibre ze fannen. An dat ass, mengen ech, dat Eenzege, wat d'Politik muss fäerdegbréngen an dësen Zäiten, en Équilibre ze fannen tëschent dem Zil vu gesonde Finanzen engersäits a Wuesstumsimpulser anersäits, duerch héich Investitionsniveaue an d'Erhale vun der Kafkraaft. Dësen Ziler gëtt de Budgetsprojékt 2013 gerecht.

An ech mengen, dass déi Berechnung, ech hunn doriwwer misse schmunzelen - de Statec huet eis jo elo gëschter virgerechent, dass de Konsolidéierungspak 0,3% Croissance wäert kaschten. Ech hoffen, dass de Statec bei där Berechnung méi richteg hannernt dem Komma läit wéi e virun dem Komma bei ville Previsiounen louch, déi en eis an deene leschte Jore ginn huet.

Mä ech wëilt dem Statec awer als Aufgab mat op de Wee ginn, eis dann och emol ze berechnen, wéi vill en Defizit vun zwou Milliarden u Croissance kascht hätt. Wéi vill et géif kaschten, wa mer net méi an der Lag si muer - a Finanzen, déi zerrütt sinn -, fir 1,7 Milliarden ze investéieren. Wéi vill d'Charge de la dette, déi vun 30 Milliounen op iwwer 220 Milliounen an d'Luucht geet, wéi vill Croissance dat a Wierklechkeet géif rechnen. An och vläicht ze rechnen - ouni nach eng kéier, fir d'Zweet, ze soen, dass ech kee Fan vu Ratingagence sinn -, wéi vill et géif kaschten, wa mer muer den Triple-A géife verléieren, wéi vill dat fir de Stat a fir d'Entreprises dobaussen am Privatsektor u Käschte géif kaschten.

De Finanzminister huet virun e puer Méint hei an de Budgetsdebatte gesot, dass mer eng nei Dépensekultur brauchen. Ech mengen, dass heibanne jiddwereen, och angesichts deem, wat mer beim Budgetsprojékt 2012 erlieft hunn, dat géif ënnerstëtzen.

Mir müssen d'Ausgabe besser an de Grëff kréien. Duerfir ass et noutwendeg, fir 2014 d'Kontributioun beim Programme de stabilité fréi unzefänken, eng Preparatioun ze maachen, eng Rei vun Ausgabeberäicher op de Métier ze huelen. Awer dat ze maachen no klore Kritären, net no Kontabilitéitskritären, mä no klore politesch Kritären, déi net kënnen heeschen, zum Beispill bei de Sozialtransferten, einfach de Rasenmäher ze huelen, mä dat no klore Kritären ze maachen, net blann ze maachen, mä opzepassen, wat een a ville Gebidder mécht.

Ech huelen der zwee nach eng kéier eraus, fir d'Lescht, dat ass dee vum Logement. Mir hunn an der Finanzkommissioun - et war ee vun de grouss Momenten vun den Diskussiounen, déi mer dëst Joer an der Finanzkommissioun iwwert de Budgetsprojékt gefouert hunn - eng Analys gemaach iwwert d'Hëllef am Logementsberäich. Déi maachen eng hallef Milliard, ronn eng hallef Milliard aus!

A mir hunn zesumme mat Spezialisten, déi bei eis waren, festgestallt, dass ee sech ëmmer méi muss d'Fro stellen, ob de Gros vun deenen Aiden, déi mer hei maachen, net éischter an d'Tasche vun de Promoteuren an den Entrepreneuren kommen, an dass se u sech de Bau vu Villaen op der Côte d'Azur förderen, anstatt de Wunnengsbau hei zu Lëtzebuerg. Déi Fro muss ee sech ëmmer méi stellen.

Dat ass e Paradigmewissel, iwwert dee mer müssen diskutéieren, ob mer méi d'Demande förderen iwwer Aiden oder ob mer méi Effortë maachen, fir endlech dozou ze kommen, méi Bauland iwwert de Plan sectoriel «Logement», méi Bauland fräi ze maachen, also d'Offer unzekuerbelen, souwuel déi privat wéi och déi öffentlech Offer unzekuerbelen, fir bei de Präisser am Wunnengsbau zu Resultater ze kommen.

An ech hu bei de Famillje scho gesot, dass et mer wichteg ass, och hei net nëmmen an den Transferte vun Almosen ze schwätzen, mä dass mer och mussen schwätze vun der Noutwendegkeet. Eleng de Revenu médian huelen, wéi d'Patronatschamberen dat proposéieren, schéngt mer dach awer e bësse kuerzsiichteg ze sinn.

An ech wëll hei eng Suerg soen, déi, ech mengen, heibanne vun deene meeschte gedeelt gëtt: Mir mussen virun allem oppassen, dass bei de Couches populaires, de Couches moyennes, de Mëttelstandsbockel, dass mer do net ëmmer d'Leit treffen, déi ze vill héich Reveuen hunn, fir ënnere vun den Aiden ze profitéieren, an awer uewen ëmmer derbäi sinn, wann et heescht, d'Solidaritéitsderbäi, wann et heescht, d'Taxen augmentéieren an esou weider.

Dorobber, mengen ech, mussen mer an deenen Décisiounen, déi mer fir 2014 an doriwwer eraus ze huelen hunn, ganz gutt oppassen, déi breet Mëttelklass net ëmmer dann ze treffen, mä opzepassen, wéi sech d'Moossnamen am

Detail an alle Beräicher, bei allen Transferten auswierken an dorobber oppassen.

Ech wëll eng lescht Bemierkung do maache bei den Dépense beim Fonds pour l'Emploi. Sécher... a mir sinn an der Commission du Travail et de l'Emploi jo amgaang, en Débat ze preparéieren fir d'Frëjoer mat de Rapporteurs, de Kollege Bauler an Negri, hu vill Gespréicher scho gefouert, och mat der neier ADEMs Direktioun zesummen, fir ze kucken, d'Effikasitéit vun alle Moossnamen op de Métier ze huelen an och hei e Spuerpotenzial erauszehuelen.

Ech wëilt awer eppes generell soen. Ech mengen, et kéint net sinn, dass an Zäite vun der Augmentatioun vum Chômage, der Augmentatioun vun der Kuerzaarbecht, der Augmentatioun derfir ze suergen, dass mer weider Brécke behale fir déi Leit, déi Schwieeregkeeten hunn, an den éischten Aarbechtsmaart eranze kommen, dass just de Fonds pour l'Emploi dee Fokus wier, wou mer mengen elo am meeschte missen ze spueren. Ech mengen, dass dat an dësen Zäiten noutwendeg ass, mä dass mer awer ganz gutt müssen oppassen, dass mer hei ee wichtegen Deel vun aktiver Beschäftigungspolitik och an Zukunft müssen oprechterhalen.

De Finanzminister huet gesot: Dépensekultur. Ech wëll och haut nach eng kéier soen, dass niewent enger neier Dépensekultur, a mengen Aen, a mengem perséinlechen Numm, och eng nei Recettekultur noutwendeg ass. Mir hunn dorobber eng Rei vun Äntwerte fir de Budgetsprojékt 2013 scho ginn, zum Beispill bei den Entreprises. Ech gleewen un eng Gesellschaft, wou all Mehrwäerter, déi geschafe ginn, och fair a korrekt besteiert ginn, och déi, déi vun den Entreprises sinn.

Et hëlt eis dobausse kee méi d'Kreditabilitéit vu Politik of, wann déi einfach Leit mussen fir all Euro, dee se verdéngen, schéi brav hir Steiere bezuelen, an d'Entreprises a vill anerer, och an der Finanzwelt, iwwer Nischen, iwwer Schlupflächer, iwwer Abattemente an esou virun dozou kommen, keng Steiere méi ze bezuelen. Dat ass eng Gesellschaft, déi deem Modell net entsprécht, deen, mengen ech, fir eis noutwendeg ass. An dofir mussen mer dorobber och an Zukunft Äntwerte ginn.

Gradesou wéi mer Äntwerte mussen ginn op d'Tatsaach, dass aus der Besteuerung vun de Kapitalerträge nëmme ronn 5%, knapp 6% vun alle Steuerrecette just aus der Besteuerung komme vu Kapitalerträge. Och dat ass, mengen ech, eng Situatioun, déi net gesond ass, an och dofir d'Austaréieren tëschent der Besteuerung vun der Aarbecht an der Besteuerung vun de Kapitalerträge eng noutwendeg Aufgab vun enger zukünftiger Steuerreform muss sinn. Gradesou wéi och, mengen ech, d'Verhältnis tëschent den indirekte Steieren an den direkte Steieren dobäi noutwendeg ass.

Ech hu gesot: d'Abattemente. Dat war iwwerengs eng Aufgab aus der Regierungserklärung vun dëser Legislaturperiod, all Abattemente op de Métier huelen, hir Utilitéit, hiren Déchet fiscal, hir sozial, ökologeschen a landesplanereschen Impakter. Ech mengen, dat ass eng Aufgab, déi noutwendeg ass. An d'Finanzkommissioun recommandéiert der Regierung och, beim nächste Budget eng Opstellung vun allen Dépenses fiscales am Beräich vun den Abattemente virzeleeën, esou wéi dat an der Belsch an a Frankräich iwwer e Guide haut schonn Usus ass, fir genau ze gesinn, wat hei geschitt.

Iwwert de Mëttelstandsbockel an d'Noutwendegkeet vun Austaréieren vun der Akommesteier hunn ech scho geschwat.

Ech wëll ee Wuert soen och iwwert d'Gemenge. D'Noutwendegkeet - an dat ass oft heibannen an den Diskussiounen, och an der Finanzkommissioun ass doriwwer diskutéiert ginn -, dréngend eng Reform vun der Grondsteuer virzehuelen, d'Aktualiséierung vun den Eenheitswäerter endlech an Ugrëff ze huelen.

► **Une voix.** - Ma da macht et!

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- A mir hu gëschter...

(Interruptions diverses)

► **Une autre voix.** - Sou laang wéi ech hei sinn, schwätze mer schonns doriwwer.

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- A mir hu gëschter... Waart, ech huelen nach e Patt.

► **Une seconde voix.** - Jo, huelt emol nach e Patt!

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- Eng Schlupp.

Ech hu gëschter, wéi vill Kommunalpolitiker sécher, d'Kaart am „Lëtzebuerger Wort“ gekuckt, wou d'Verdeelung vun den Einnahmen vun de Gemenge tëschent der kommunaler Gewerbesteier op där enger Säit an dem Fonds communal de dotation op där anerer Säit publi-

zéiert ginn ass. Elo wëll ech déi Leit aus dem Stater Schafferot hei wierklech net provozéieren, mä Tatsaach...

► **M. Xavier Bettel** (DP).- Dir sidd schonns amgaang!

(Hilarité)

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir hätt solle gëschter...

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- Tatsaach, Här Bettel...

(Interruptions diverses)

Tatsaach, an ech hunn lech dat, an dem Finanzschaffekolleg Fränz Bausch dat an deene leschten Deeg e puermol gesot: Jiddweree weess, dass d'Haaptstad eng ganz Rei vun Aufgaben huet, déi nationaler Natur sinn an déi deementspriedend, mengen ech, och mussen berücksichtegt a kompenséiert ginn. War dat e gudde Saz?

► **Une voix.** - Et war emol e gudden Ufank.

(Interruptions diverses)

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- Ech mengen awer, wann ee kuckt, dass tëschent engem Apport vun der Stad Lëtzebuerg vu 4.421 Euro pro Kapp aus der Gewerbesteier an aus der Dotation, an ech hunn dann déi Gemeng geholl mat deem klengsten Undeel, dat ass Beaufort, déi schéi Gemeng Beaufort, bei 2.227 Euro sech weist, a mir hunn et jo an der Finanzkommissioun mam Innenminister diskutéiert, dass et noutwendeg ass, opgrond vun den Aarbechten, déi scho gemaach gi sinn am Conseil supérieur, déi gemaach gi si vun der Banque centrale, dass een endlech zu enger Reform kéint, déi all deene Prämissen do gerecht gëtt.

Ech wëll - iwwer all Prinzipien a Wäerter, déi mer hunn, eraus - soen...

(Interruptions diverses)

Den Här Statsminister huet gemengt, déi éischt Opreegung géif kommen dann, wann et ëm d'Gemegefinanze géif goen. Dat ass eng wäertneutral Bemierkung! Kommt, mir ginn elo näischt doranner sichen!

(Interruptions diverses)

Ech wëll soen...

► **M. François Bausch** (déi gréng).- Dir hutt mech guer net opgereegt.

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- Ech wëll soen, léif Kolleeginnen a Kolleegen...

► **Une voix.** - Dir wësst, wat een europäesche Budget ass. Dat hat ech vergiess.

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- Ech wëll soen, iwwer all Prinzipien ewech ass...

(Interruptions diverses)

► **M. le Président.** - Ech bieden lech, dem Här Rapporteur nach e bëssen Är Opmierksamkeet ze schenken!

► **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État.- Nach e bësse Gemeng, dann huet e se!

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- Ech wëll soen, dass Budgetspolitik, an ech hunn dat versicht an deene leschte Minutte kloerzemaachen, dass Budgetpolitik näischt Neutrales ass, dass dat keng Aufgab ass vun eleng Kontabellen, soss kéinte mer och den Här Jeannot Waringo als Direkter vun der IGF responsabel dofir maachen, mä dass all déi Froen do Froen och si vun engem Gesellschaftsmodell. Et ass d'Fro, wat fir eng Ëmverdeelung mer wëllen, mat wat fir engen Instrumenter mer se wëllen.

Et ass d'Fro...

(Interruptions diverses)

Oh, wann ech gelift!

► **M. le Président.** - Ech géif lech bieden, nach e bëssen opzepassen!

► **M. Lucien Lux** (LSAP), rapporteur.- ...d'Noutwendegkeet, bei de Sozialtransferten ze ënnerscheeden tëschent Rechter a selektive Leeschtungen. An ech hunn hei déi Studie, déi d'Caritas zesumme mat der grénge Stéftung gemaach huet, gutt gelies, fir och do ze begräifen, dass et, mengen ech, och hei tëschent Rechter a selektive Leeschtungen an der Steuerlandschaft wichteg zesummenhäng gëtt, déi mer dobäi müssen diskutéieren: Wat fir eng Verantwortung droen d'Betriber? Wat fir eng Afloss huet d'Steierpolitik, huet d'Finanzpolitik, huet d'Budgetpolitik, net nëmmen op déi grouss makroekonomesch Ziler, déi mer eise Land wëlle setzen?

Mä huet se och Afloss op - ech géif dat nennen - d'Feinmotorik an eiser Gesellschaft, op déi gro Felder, op déi Plazen, wou mer net esou gäre kucken, do, wou et och zu Lëtzebuerg vill sozial

Détresse gëtt, do, wou et Mënschen op der Strooss gëtt, do, wou et Kanner an Nout gëtt an do, wou et Behënnerter gëtt, déi an der Isolatioun liewen, och an deene Grostellen (veuillez lire: Grozonen) derfir suergen, dass d'Budgetspolitik konkret sech mécht an d'Moyenen do agesat ginn, wou et noutwendeg ass.

Zum Schluss wëll ech dräi Saache soen. Ech géif mer éischters erwaarden, erhoffen an dem Land méi Courage. Méi Courage, d'Problemer unzepaken, Orientéierung ze ginn, e Message de vérité och ze ginn iwwer Chancen a Risiken, iwwer Stärkten a Schwächen, a géint déi Morositéit, déi et dobausse gëtt bei villen, och an den Avisen, wann ee se liest, vill Morositéit, déi noutwendeg ass.

Zweetens. Ech erwaarde mer Verantwortung ze iwwerhuelen, virun allem an der Generatiounenfro. De Kanner an de jonke Leit keng Hypothék hannerloossen, gesond Finanzen a Wuesstum mateneen an engem intelligenten „policy mix“ ukuerbelen. An ech géif och zwou Saache soen, déi et noutwendeg sinn, hei an deenen nächste Wochen ze diskutéieren: Engersäits deen neie Plan d'action vun der Kompetitivitéit mat de Chancë vun eiser Finanzplaz, mat der Noutwendegkeet, iwwert d'Industrialiséierung ze schwätzen, d'Défië vum Commerce an esou weider.

An ech géif mer och wënschen, den zoustännege Minister, deen ass de Mëtteg hei, den Här Schank, dee just kéint vun enger Konferenz - iwwert déi vill sech d'Fro stellen, ob deen Tourismus do nach néideg ass am Qatar, och nach just am Qatar, wou iwwert d'CO<sub>2</sub>-Problematik diskutéiert ginn ass -, ech mengen, dass et och noutwendeg ass, an de Minister ass sécherlech domat d'accord, fir och an deenen nächste Wochen eng kéier de Point ze maachen iwwert d'Klimaschutzpolitik hei zu Lëtzebuerg, mä och d'Klimaschutzpolitik an deem Accord, deen zu Doha bis 2020 fonnt ginn ass. Ech mengen, och dat wäert noutwendeg sinn.

Déi drëtt a lescht Bemierkung ass: Ech erwaarde mer an all deene Felder do sozial Gerechtegkeet. Austeritéit ass keng Sakgaass. Duerfir ass d'Äntwert vun deem Budget hei a vun där Politik, déi gemaach gëtt, och just net dat doten. Doudspueren ass keng Léisung, dat weisen d'Südlänner, dat weist Griichenland, dat weist Spuenien. A Spuenien si 50% vun de jonke Leit aarbechtslos! Stellt lech vir, wéi vill mënschlecht Kapital hei futti gemaach gëtt! An ech mengen, wéi vill grössere Schued hei ugeriicht gëtt, wéi dat all Immobilien-, Banken-, Wirtschafts- a Scholdekris ka maachen.

Ech mengen, dofir ass et noutwendeg, déi Rechter do an der Ausbildung, déi Rechter do och beim Aarbechtsrecht, am dézente Wunnen an dem Zougank zu öffentlechen Déngschtleeeschungen derfir ze suergen.

Ech hu mech gefrot, zum Schluss, firwat iwwerhaupt an de Rankingen - an ech hunn een am Budgetsrapport publizéiert, dee vun der Kompetitivitéit -, firwat an deene Rankingen do ausgerechent esou Länner wéi Norwegen, wéi Schweden, wéi Finnland, wéi Dänemark, wéi Eisträich op den éischte Plaze stinn.

Ech mengen, dass et bei deene wichteg ass, dass de Sozialstat een Element ass vun dem Standuert, dee se duerstellen, och vun der Kompetitivitéit, déi se duerstellen, dass déi sozial Kohäsioun Gesellschaften stärkt an domadder och hir Ekonomie stärkt. Meng intim Convictioun ass, dass esou State wéi déi a wéi eisen nëmme kënne fonctionnéieren a virun allem net kënne fonctionnéieren op der Basis vun Defiziter, vu Verscholdung, vun ongedeckte Schecken.

A Griichenland an a Spuenien, léif Kolleeginnen a Kolleegen, leien net déi Räich op der Strooss! A Griichenland an a Spuenien leien déi einfach Leit op der Strooss, déi net méi an der Lag sinn, fir hir Wunneng, fir hire Loyer kënnen ze bezuelen an hir Scholde kënnen erëmzebezuelen. Dat ass d'Resultat vun enger laxistescher an oft irresponsabler Politik. Et ass net de Wee, dee mer hei zu Lëtzebuerg wëlle begoen, an de Budgetsrapport 2013 gëtt dorobber Äntworten!

Ënnert dem Benefiss vun all deene Remarquen an Awänn do recommandéieren ech lech, de Budgetsprojékt 2013 ze stëmmen a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Budgetsrapporteur, dem Här Lucien Lux. Den Här Statsminister huet d'Wuert.